N°1825
Entrée le 22.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An den USA notze verschidde Rettungsdéngschter Warnsystemer, fir d'Automobilisten z'informéieren, dass si de Wee solle fräi maachen oder méi lues solle fueren, wann ee Rettungswon um Wee ass. De Rettungswon mécht beim Umaache vun de Sireenen oder bloe Luuchten eng Benochriichtegung an Echtzäit, deen op deen op ville gréisseren Navigatiounssystemer oder Bordcomputeren an den Autoen ugewise ka ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet den CGDIS Accès op esou Warnsystemer?
    - Falls jo, wéi eng sinn dat a sinn se schonns getest ginn oder ginn agesat?
    - Falls nee, ginn et Pläng beim CGDIS fir dës Technologien ze notzen? Wou sinn dës Pläng drun a bis wéini sollen se konkretiséiert sinn?
2. Wéi eng Technologië stinn dem CGDIS hei zur Auswiel?
3. Ass ee länneriwwergräifende System fir d'Groussregioun geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten